



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 17/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien & Interieur weiderzeleeden.

Verschiede Gemengen hei am Land verschécken un d'Awunner vun hire Gemenge Communiquéen a Form vun Zäitschrëften oder Flyere fir hir Awunner iwwert d'Aktualitéit vun hirer Gemeng um Stand ze halen. Dës – mat Steiergelder bezuelte – Publikatioune ginn a verschiddene Gemenge gären als politesch Bühn genotzt fir esou déi politesch Responsabel an ee bessert Liicht ze stellen. An de Publikatiounen tauchen ëmmer nees déi selwecht Gesichter op de Fotoe op, d'Berichterstattung weist tendenziéis d'Meenunge vun de Majoritéiten an net all Aspekter vu politeschen Dossiere ginn onofhängeg an onparteilech duergestallt.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Erkennt d'Regierung d'Gefor, dass d'Publikatioune vun de Gemengen fir politesch Meenungsmaach vu verschiddene politesche Verantwortleche mëssbraucht kéinte ginn? Ass d'Regierung aktuell zefridde mat der Situatioun oder gesäit si ee Besoin zum Handelen an dësem Thema?
2. Existéiert fir Publikatiounen een Deontologieskodex, un deem sech d'Gemengen hale mussen? Falls nee, gedenkt d'Regierung esou ee Kodex opzestellen? Falls, nee, firwat net?
3. Ass d'Regierung der Meenung, dass kloer Reegelen, wéi zum Beispill d'Imposéiere vu Formater a Richtlinnen, een Abus vun öffentlech bezuelte Publikatioune kënnen virbeugen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu